ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Oktober 2017

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Banneminister weiderzeleeden.

Am Kader vun de Walen hunn déi walberechtegt Awunner vu Koplescht iwwert e Referendum mat enger Majoritéit vun 63% de Wonsch geäussert, datt Koplescht dem Walbezierk Zentrum ugegliddert soll ginn.

Opgrond vun dësem Resultat wéilt ech dem Här Banneminister gär folgend Froe stellen:

1. Ass d'Regierung bereet, dem Wonsch vun de Kopleschter Wieler Rechnung ze droen?
2. Wat fir Konsequenzen hätt esou e Changement fir déi gesetzlech Opdeelung vun de Chambermandater an deenen eenzele Bezierker?
3. Géif esou e Fall, wou eng eenzel Gemeng de Bezierk wiesselt, net och aner Gemengen encouragéieren, dem Wonsch vum Bezierkswiessel nozegoen?
4. Ass d'Regierung net der Meenung, et sollt een e generellen Debat iwwert de Walsystem féieren, bei deem d'Iddi vun engem eenzege Walbezierk fir d'ganzt Land diskutéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique